N°967
Entrée le 09.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°967 vum 4. Juli 2024 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Protection des innondations liées à la saturation de la canalisation"**

1. **Kann een zu Lëtzebuerg Réckstauklappen bei sech doheem abauen? Wa jo, brauch een hei eng Geneemegung a wéi eng wier dat?**

Och zu Lëtzebuerg si Réckstauklappen eng valabel a wichteg Moossnam fir sech virun dem Réckstau aus engem iwwerlaaschte Kanal am Haus ze schützen. Et muss een awer präziséieren dat déi just an engem Mëschsystem noutwenneg sinn, well do d'Reewaassser an d'Schmotzwaasser an dee selwechte Kanal lafen. Et sief drop higewisen datt d'Proprietären sech an dësem Fall selwer musse géint de Réckstau schützen, sou wéi et och am Artikel 43 (1) a) vum modifizéierte Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 steet an am Modell vum Kanalreglement iwwerholl gouf (règlement type relatif à l'assainissement des eaux). Eng Geneemegung nom Waassergesetz brauch een heifir net, et ass awer wichteg sech mat der Gemeng ze concertéieren fir ze wëssen wat vu Reseau an der Strooss läit. Well et sech em eng Constructioun handelt, ass eng Baugeneemegung vum Buergermeeschter noutwenneg, et sief dann dës Aarbechte wäre laut Bautereglement vun der Gemeng explizit vun sou enger Geneemegung ausgeschloss.

2. **Sinn esou Réckstauklappen eppes wat de Staat de Bierger:innen uréit?**

Cf. Äntwert 1

3. **Kann een zu Lëtzebuerg bei sech doheem ee Kanal ausbauen oder bauen? Wat fir eng Geneemegunge sinn hei néideg?**

Vu datt de Problem vu Réckstau vun engem iwwerlaaschten ëffentleche Reseau kennt, ass den Ausbau vun engem Kanal op privatem Terrain keng effikass Mesure. Am Géigendeel kéint dëst souguer dozou féieren datt nach méi Ofwaasser um privaten Terrain ugestaut gëtt, dat net oflafe kann.

4. **Bei den Toiletten ënner der Réckstauebene réit zum Beispill déi Éisträichesch Regierung hire Bierger:innen, fir "Fekalienpumpen" anzebauen, wëll hei d'Réckstauklappen net de gëeegenten Outil wieren. Dierfen d'Bierger:innen hei am Land dës abauen? Och hei erëm d'Fro, ob een eng Geneemegung brauch a wéi eng dat an deem Fall wier?**

Fir de Fall wou een Uschloss ënnert dem ëffentleche Kanal läit, muss effektiv eng Réckstaupompel installéiert ginn. Hei ass et am beschte mat der Gemeng Récksprooch ze huelen fir déi technesch Detailer ze klären. Et ass och keng Autorisatioun no Waassergesetz néideg, allerdéngs, sou wéi uewe beschriwwen, eventuell eng kommunal Baugeneemegung.

Lëtzebuerg, den 9. August 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit